A6-49

# L A N D S T R E I C H E R

Präsident: Äre Numm an äre Geburtsdatum?
CHRISTIANE DUPONT: Gilles Dupont, gebueren am 25. Juli 1915
Michel Präsident: An Dir?
Laurent X Chevalier: Mäi Numm ass Roland Chevalier
Präsident: A weini sid dir gebuer?
X Chevalier: -------Neischt --------
Präsident: Ech mengen, weini hut dir Gebuertsdag?
X Chevalier: Wisou, wellt dir mir eppes schenken?
Präsident: Ech verschenken hei neischt.Ech well nemmen wessen, ewéi al dir sid?
X Chevalier: Ah sou, ech sich 11 Joer al.
Präsident: Wou wunnt Dir?
X Chevalier: Ech, néierens
Präsident: An Dir?
Dupont: Ech sin séi Nôper
Präsident: Ah ech gesin, dir sid ugekloot wengs Landstreicherei. Et ass bal net ze glèwen, dat et dât nach zu eiser Zäit gett. Wat hut dir Här Dupont da geléiert, resp wéi eng Schoulausbildong hut dir?
Dupont: Ech sin Analphabet
Präsident: Aha, buchstabéiert mir dat emol?
Dupont: Ech.... kann.....net.... liesen ... a.... net .. schreiwen.
Präsident: Oh jo,Analphabet......., ech hun mer bal geduecht, dass haut muss erem Meindeg sin. Mä wat maache mir elo mat iech. Sid dir gewellt fräiwelleg op GIVENICH ze goen, Do sid dir schein warm ennerbruecht an dir kritt och regelmeisseg ze iessen.
Dupont
X Chevalier: Oh jo, eng Kuer kann guer net schueden.
Präsident: Här Gendarm, brengt dess Hären dann Ennerdag.

LETZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

A6-49

# D'ACCIDENT

**Präsident:** Als Beschêlleschten ass gelueden den Här WEBER. Äre Numm ass WEBER Camille, Läendecker, 35 Joer al, wunnhaft zu Alzeng, 5 rue des Rêves.

**WEBER:** ä hä

Fit **Präsident:** Dir hat jo dat schwéiert Accident um Senningerberg. Erzielt mir emol, wéi dat gangen as!

WEB **WEBER:** Dat as einfach. Ech sin mat mengem Auto vum Waldhaff a Richtung Senningerbierg gefuer. Plötzlech kum mir de Camion entgéint. Ech hun do de Camion gestreift, sin mam Heck vu méngem Auto géint e Luuchtemast geknallt an duerno duurch den Zonk vun der Sandkaul. Den Auto huet sech iwwerschloen a wéi hin den 5 Meter déiwen Rambli erofgerutscht as, hun ech esou lues Gewalt iwwert mäi Won verluer.

**Präsident:** Dir sid mir awer e Witzbold. Aus dem Protokoll geht ervir, dass de Camionsschoffer de Gendarmen bestätecht huet, dass dir virum Accident am Zick-zack gefuer sid.

**WEBER:** Mä Här Richter, sollt ech dann all déi leif kleng weiss Mais iwwerrennen, déi op der Stross gehopst sin.

**Präsident:** Dir ward also net mei ganz alleng, wéi dir mam Auto gefuer sid. Wât hat dir dann esou gedronk?

**WEBER:** Oh, ongeféier 5 Fläschen.

**Präsident:** Béier?

**WEBER:** Oh neen, Riesling Sylvaner.

**Präsident:** d'Gendarmen schreiwen am Protokoll, dass dir iech geweigert hut zeblosen, obschons dir getierkelt hut, no Alkohol geroch hut asw.

**WEBER:** Oh, ech hät jo gären geblosen, mä den Gendarm wollt mir einfach net soen, wou hien sech wéi gedoen hat.

**Präsident:** Mat der Bloutprouv war dir awer averstaanen.

**WEBER:** ä hä

**Präsident.** Analyse vum Laboratoir huet ergin, dass dir 4 Promille am Blut hat. E normale Mensch wär do jo schons dout. Na ja. Wann ech äre Casier kucken, da war dat do jo eréischt déi eischten Kéier.

**WEBER:** Jo ech hat Chance, ech sin nach nie erwêscht gin.

**Präsident:** Hut dir soss nach eppes zu ärer Verteidigung ze soen?

**WEBER:** Mir fällt net méi vill an.

**Präsident:** Här Procureur. Wat geif dir am Fall WEBER dem Gericht virschloen?

**Procureur:** Fir Donkenheet um Steier fuerderen ech e Führerschein-

entzug vun 18 Meint a fir d'Iwwertréidungen eng
Geldstrof vun lo ooo Frang.

Präsident: Här WEBER ech veruurtelen iech zu enger Geldstrof
vun lo ooo Frang an zu engem Führerscheinentzug
vun 18 Méint. Dir kennt iech erem setzen.

# B E D R U C H

Präsident: Als Beschélleschten hun mir den Här Filou Georges, als Zeien, Madam ALT Anna.
Dir sid den Här Filou Georges, Geschäftsmann, an dir wunnt zu Letzebuerg, 6 avenue de la Liberté.
Wéi al sid dir Här FILOU?

CHAREL FILOU: Aus geschäftlechen Grönn därf ech mein Alter net bekannt gin.

VANNESSA Präsident: d'soll mir och recht sin. Dir sid Madam Alt Anna, Fra vum DE JONG Hendrikus, 49 Joer alt, wunnhaft zu Schrassig, 24, Schlassgewan.

ANNA ALT: Dat stêmmt.

Präsident: Dir hut bei der Police Plainte gemeet, wel dir bedruch si git. Wéi huet den Här Filou iech bedrunn?

ALT: Mäi gant Liewen hun ech schons versicht esou jugendlech ze bléiwen, ewéi méigelech. Op der Gare zu Letzebuerg hun ech dann den Här FILOU begéint. Hien huet mir versprach, mech em 5o Joer méi jong ze maachen. Hien huet mir Jugendpellen ugebueden, déi ech am Wasser opléisen sollt. Dest sollt dann e Gedrenks ewéi Schampess gin a wann ech dat dann gedronk hät, geif ech vill méi jong gin. Ech hun déi Pell och fir looo Frang kaaf, hun se doheem am Wasser opgeleist, fir dass et Schampess sollt gin. Mä desen Schampess huet emol net gespruddelt:

FILOU: Här Präsident, frot emol Madam Alt op si schone jemols eng Ochsenschwanzzopp kritt huet, déi nach mam Schwanz gewakkelt huet?

Präsident: Här Filou, dir sid nach huer néischt gefrot. Halt äre Mond. Madam Alt, schwätzt wann ech glift weider.

ALT: Exh hun dat Geseffs och du gedronk, wä wat ass geschit, ech krut fierchterlech de Bauchweh an de Schêsser. Mä ech sin haut nach emol esou blöd an esou al bliewen wéi ech war. Leider konnt ech den Polizisten kéng Prouf méi vun desem Gedrenk gin, well ech jo alles gedronk hat, fir méi jong ze gin.

Präsident: Här Filou, wéivill deser Pellen hut dir schons verkaaf.

FILOU: Oh Här Präsident, dat as schwéier ze soen. Bis haut hun ech mech mat desen Pellen nach ëmmer jong gehalen, a krut nie Bauchwéih oder de Schesser.

Präsident: Laut Dosier ass de Beschélleschten schons 1773, 1828 an 1904 wegen dem selweschten Vergehen ugekloot gin.

Leider hun mir och keng Pell fir ze analiséieren. Wat méngt dir Här Procureur zu deser Saach?

Procureur: Andems dass keen Beweismaterial virléit, beantragen ech Astellung vum Verfahren.

Präsident: Aus Mangel u Beweiser gett Verfahren agestallt. Här FILOU och hoffen dass mir eis trotzdem net méi erem gesin.

FILOU: Wisou Här Präsident, wellt dir iech schons pension-néieren lossen?

Präsident: Eisou eng Fréschheet huet mir hat nach keen gesot. Oh mein Härz, ech brauch dringend eng Pell.

FILOU: Här Präsident, héi huelt des Pell.

- Wéi de Präsident Pell verschleckt huet, kuckt hien ganz komesch, fängt dann un ze laachen, a sprengt dann danzend aus dem Gerichtssall andem hien séngt:
Bimm Bimm Bomm, léiwe Zinnekleschche komm, mat der schéine Saachen, ze kucken an ze schmaachen, Bimm Bimm Bomm.